DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

Här Claude Martini

Här Yves Steffen

Gemengeréit

Diddeleng, den 28. Juli 2023

Betrëfft : Är Froë vum 8. Juli 2023 un de Buergermeeschter an de Schäfferot iwwer d'Beschëlderung op der Kräizung Lentz-Edison Strooss zu Diddeleng

internet www.dudelange.lu
e-mail ville@dudelange.lu
fax +352 516121-299
téléphone +352 516121-1
code postal L-3401 Dudelange
boîte postale BP 73

Här Martini,

Här Steffen,

Eise Schäfferot huet di gemeinsam formuléiert Ufro vun der "CSV" an der "Déi Gréng" Fraktioun iwwert d'Beschëlderung op der Kräizung Lentz-Edison Strooss, besonnesch am Zesummenhang mat de Vëlosfuerer kritt.

D'Situatioun ass dem Schäfferot net onbekannt.

Schonns am Virfeld vun Ärer Interventioun huet de Schäfferot eise Service de la circulation beoptraagt fir d'Situatioun op der Platz ze analyséieren an hee chargéiert fir eng Léisung ze proposéieren.

Eise Service de la circulation an eise Service des travaux publics, mat Hëllef vun dem Verkéiers Beroder vun der Stad Diddeleng, sinn am enken Austausch mat der Administration des Ponts et Chaussées fir zesummen eng Léisung auszeschaffe fir d'Sécherheet op der besoter Kräizung ze verbesseren.

Sou gouf dann och schonn e Préaccord vun enger Permission de voirie bei der Administration des Ponts et Chaussées ugefrot, dee konkret d'Affär reegelt.

Bis elo wäert d'Stad Diddeleng op de Retour vun der zoustänneger Administratioun.

Wat d'Verkéiersreglementéierung op dëser Platz ugeet, kenne mer lech versécheren dass dës rechtméisseg a Kraaft ass an d'Zirkulatioun vun de Vëlosfuerer "à contresens" erlaabt.

Effektiv huet eise Gemengerot a senger Sitzung vum 5. Februar 2021 eestëmmeg festgehalen, dass et an allen Einbahnstrossen an an den 30er-Zonë fir d'Vëlosfuerer erlaabt ass "à contresens" ze zirkuléieren, wat och fir dësen Deel vun der Lentz Strooss gëllt.

Op der Kräizung mat der Edison Strooss muss de Vëlosfuerer, wei all anert Verkéiersmëttel wat op eng Kräizung kennt, sech un de Code de la Route halen. An dësem Fall muss de Vëlosfuerer no riets ofbéien an sech an de Floss vum motoriséierte Verkéier an der Edison Strooss areien.

Fir d'Gefor ze verklengeren, hunn d'Gemengeservicer d'Velosschëld beim Horodateur ewech geholl, dëst als Mesure fir méi Sécherheet op dëser Platz ze garantéieren.

Mat beschte Gréiss.

Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,

de Buergermeeschter,

Dan Biancalana

de Gemengesekretär,

Patrick Bausch